adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
0 9 DEC. 2015
1627

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Bréissel ass amgaang un enger „Liberaliséierung"an un der Entwécklung vum privaten Dronemarché ze schaffen. Drone ware jo d'Thema vun zwou parlamentareschen Froen vun ADR-Deputéierten 2014 (Nr. 678 a 774). A béiden ass do och vun der Lëtzebuerger Reglementéierung riets gaang, déi eng Prioritéit vun der Direction de l'Aviation civile wär. An deem Kader hunn ech e puer Froen, déi ech gär vum Här Transportminister beäntwert hätt:

1. Wéi wäit ass d'Direction de l'Aviation civile mat hirer Reglementéierung vun den Dronen hei zu Lëtzebuerg? Wéi en Afloss huet déi geplangte Reglementéierung aus Bréissel op déi nei Lëtzebuerger Texter, déi jo eng Prioritéit vun eiser ziviler Loftfahrtdirektioun sinn??
2. Weess de Minister ofzeschätzen, wéini esou eng EU-Reglementéierung sprochräif ass?
3. Kann de Minister soen, wéi wäit de Schutz vun der Privatsphär a Sécherheetsgarantien beim massiven Trafic vun Dronen eng Roll spillen?
4. Wär et net denkbar vu vir eran op Transportdronen Videokameraen ze verbidden, wann ee weess, datt och Google un där Technologie interesséiert ass?
5. Wéi proaktiv verfollegt de Minister deen do Dossier, deen en handfesten wirtschaftlechen Enjeu och fir Entreprisen ass, déi zu Lëtzebuerg ugesiedelt sinn?
6. Ass notamment ugeduecht, wéi d'Post a Logistikzenteren op esou eng EU-Reglementéierung elo schonn kënne plangen a reagéieren, fir sech op deem neie Marché séier ze positionéieren?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten